



SCOUTS FOR SDG`s – een kléngen Challenge fir all Daag

Sustainable Development Goals (kuerz SDG`s) sinn nohalteg Entwécklungsziler déi vun der UN (United Nations – vereenegt Natiounen) entwéckelt ginn sinn. Eng vun den wichtigste Aufgaben ass d`Sécherung vum Weltfridden. Bis 2030 sollen alleguer dës Ziler erreicht ginn.

D` SDG`s verrieden ganz vill Iddien an Konzepter no deenen och mir an den Scouten versichen ze schaffen. Sou huet WOSM (World Organisation of Scout Movement) d`Initiative ergraff, alleguerten d`Scouten weltwäit opzefuerderen, matzemaachen dës Ziler ze erreechen.

Mir alleguer sinn eng grouss Famill déi weltwäit iwwer 50 Milliounen Member huet. Lo stellt iech mol nëmmen fir wat sou vill Léit zesummen kënnen erreechen. Et sinn op der ganzer Welt schonn Gruppen wou sech domat ausernee setzen an Projeten dozou ausschaffen. Hei sinn elo 17 kléng Challenge fir dës Ziler mol kënnen ze léieren. Vill Spaass!

1 Daag – 1 SDG – 1 Challenge (fir 17 Deeg)

Dag 1: **Keine Armut** - Bekämpft Armut

„Armut in allen ihren Formen und überall beenden“

Biber, Wëllef, Avex:

Sich een Kleedungsstéck oder eng Spillsaach eraus déisdu net méi benotz an géff se engem Mënsch deen net souvill huet weisdu

CaraPio, RaRo:

Informéier dech iwwert Projeten wou Materialspenden (Schlofsäck, Kleeder, Hefter,..) machen. Probéiert als Grupp ze iwwerleeë wéi dir iech do bedeelegen kënt.

Dag 2: **Kein Hunger** – Bekämpf den Hunger

„Den Hunger beenden, Ernährungssicherheit und eine bessere Ernährung erreichen und eine nachhaltige Landwirtschaft fördern“

Biber, Wëllef, AvEx:

Kach en Menü fir deensdu just Reschter benotz déi soss netméi giess ginn wieren
oder: Planz eppes am Gaart/op der Terrass un wadsdu an Zukunft iessen kanns

CaraPio, RaRo:

Kach oder Baak eppes an verdeel d`iessen un Léit op der Strooss
oder: Planz eppes am Gaart/op der Terrass un wadsdu an Zukunft iessen kann

Dag 3: **Gesundheit und Wohlergehen** - eng sportlech Aktivitéit

„Ein gesundes Leben für alle Menschen jeden Alters gewährleisten und ihr Wohlergehen fördern“

Biber, Wëllef, AvEx:

Haut geet et drëms säin Kierper fit ze halen! Géi spadséieren, probéier en néien Sport aus, maach bëssi Yoga,..

CaraPio, RaRo:

Iwwerwann dech zum Sport! Waars du schon lang net méi lafen? Wollts du unbedingt mol rëm eng Kéier en Workout doheem machen? Haut ass den Daag dat duerchzezéien☺

Dag 4: **Hochwertige Bildung** – jidereen soll sech wéiderbilden

„Inklusive, gleichberechtigte und hochwertige Bildung gewährleisten und Möglichkeiten lebenslangen Lernens für alle fördern“

Biber, Wëllef, AvEx:

Haut ass et Zäit eppes néits ze léieren. Lies eppes iwwert den BP am Internet, trainéier en typeschen Scouts knuet oder probéier den Badge vum leschten Camp op deng Uniform ze bitzen

CaraPio, RaRo:

Haut gëtt un den „Skills for life“ geschafft. Probéier en Knuet, densdu net sou gutt beherrscht, oder recherchéier Saachen déisdu dech schonn ëmmer gefrot hues zum Thema Scoutismus.

Dag 5: **Geschlechtergleichheit** – Ginn béid Geschlechter d`selwecht behandelt?

„Geschlechtergleichstellung erreichen und alle Frauen und Mädchen zur Selbstbestimmung befähigen“

Haut eng kléng Fro fir driwwer nozedenken. Maach dir puer Gedanken dozou. Gären kanns du och am Internet nosichen an den Kolleegen driwwer informéieren, wadsdu rausfonnt hues.

Biber, Wëllef, AvEx:

Behandelen mir Jongen a Meedercher an eise Grupp d`selwecht? Wat fir verschidden Aufgaben hunn si? Ass dat gerecht?
Gett et och ob aneren Platzen sou Ënnerscheeder, wou nach méi grouss ginn?

CaraPio, RaRo:


Weess du dass Männer a Fraen net d`selwecht vill verdéngen? Dass an verschiddenen Länner d`Fraen kéng Rechter hunn? Meedercher net an d`Schoul duerfen goen? Wat kënn du nach sou fir Problemer? Wéi kann en déi Ongerechtegkeeten stoppen? Gett et Léisungen?

Dag 6: Sauberes Wasser und Sanitäreinrichtungen – proppert Wasser

„Verfügbarkeit und nachhaltige Bewirtschaftung von Wasser und Sanitärversorgung für alle gewährleisten“

Biber, Wëllef, AvEx, CaraPio, RaRo:

Haut geet et drëms, selwer en Filter ze bastelen. Sou kann een aus knaschtegem Waasser, proppert Waasser machen. An villen Länner wou keen Waasser aus dem Krunn kënt ass dat immens wichteg. Du kanns dech un där hei Iddi inspiréieren oder kreativ ginn. Kéint en souepes souguer och mol um Camp gebrauchen?



Dag 7: Bezahlbare und saubere Energie – Strom spueren

„Zugang zu bezahlbarer, verlässlicher, nachhaltiger und moderner Energie für alle sichern“

Biber, Wëllef, AvEx:

Probéier an dengem Haus fir eng Stonn guerkeen Strom/Energie/Waasser ze benotzen (net duschen, keng Spullmaschinn, Luuchten aus, Kachplack net benotzen,..) Packs du et souguer méi laang?

CaraPio, RaRo:

Wéi laang packs du et doheem komplett op Strom/Energie/Waasser ze verzichten? Probéier et aus.

Dag 8: Menschenwürdige Arbeit und Wirtschaftswachstum - Aarbechtsorganisatioun

„Dauerhaftes, breitenwirksames und nachhaltiges Wirtschaftswachstum, produktive Vollbeschäftigung und menschenwürdige Arbeit für alle fördern“

Biber, Wëllef, AvEx:

Iwwerlee dir weis du dir déng Aarbecht déi nächst Woch wëlls opdeelen. Maach dir en Stonneplang wousdu alles dran schreifs, och zum Beispill: bei Bomi op Besuch goen, Training, Musikschoul, mat der Mama akafen,..

CaraPio, RaRo:

Kuck d`Dokumentatioun “The true cost”

Dag 9: **Industrie, Innovation und Infrastruktur** – Konstruktiounen

„Eine widerstandsfähige Infrastruktur aufbauen, breitenwirksame und nachhaltige Industrialisierung fördern und Innovationen unterstützen“

Biber, Wëllef:

Bau dir eng cool Höhl/Unterschlopf mat Decken, Këssen, Wäschestänner, Still,...

AvEx, CaraPio, RaRo:

Iwwerlee dir effizient Konstruktiounen fir um Camp wou een sou wéineg wéi méiglech Holz muss asetzen (dann ass och manner ze schleefen;). Probéier dëst mat Zännstocher an Lastiker nozebauen!

Dag 10: **Weniger Ungleichheiten** – Integréier jiddereen

„Ungleichheit in und zwischen Ländern verringern“

Biber, Wëllef:

Plang eng Aktivitéit oder en Nomëtten mat engem Biber/Wëllefchen mat deem du normalerweis net sou oft schwätzt a spills a léier dat Kand richtig kënnen.

AvEx, CaraPio:

Maach eppes mat engem aner AVEX/CARAPIO densdu kënns, deen eng aner Sproch schwätzt, eng aner Kultur huet, aus engem friemen Land kënnt, mat dems du normalerweis am Grupp net souvill ze dinn hues.

oder: Frot eventuell Flüchtlingen an ärem Grupp fir en Owend ze organiséieren wou dir eppes iwwert hier Kultur, Iessen, Relioun,.. gewuer gitt.

RaRo:

Benotz den Internet (zum Beispill: Scouts-Gruppen op Facebook) fir dech mat engem aner Scout, deen eng dir friem Kultur huet, auszetauschen. Dat kann eng Persoun sinn wou een op engem groussen Camp kënnen geléiert huet, kann awer och en Scout sinn wou een sou kënnen léiert.

oder: Froot eventuell Flüchtlingen an ärem Grupp fir en Owend ze organiséieren wou dir eppes iwwert hier Kultur, Iessen, Relioun,.. gewuer

Dag 11: **Nachhaltige Städte und Gemeinden** – däin Doheem?

„Städte und Siedlungen inklusiv, sicher, widerstandsfähig und nachhaltig gestalten“

Biber, Wëllef:

Haut gees du am Duerf oder an der Stad wous du wunns spadséieren. Wou ass deng Lieblinsplatz, wou fills du dech besonnesch sécher an wuel? Gei dohinner an genéiss et.

AvEx, CaraPio, RaRo:

Haut gees du am Duerf oder an der Stad wous du wunns spadséieren. Iwwerlee dir wie eng Platzen besonnesch sécher sinn, wou fills du dech besonnesch wuel. Sinn alleguer déi Platzen fir jiddereen (och zum Beispill Leit am Rollstull) accessibel? Wéi nohalteg ass däin Duerf oder deng Stad? Denk driwwer no an iwwerlee dir wat en änneren kéint.

Dag 12: Nachhaltige/r Konsum und Produktion – Denk nohalteg

„Nachhaltige Konsum- und Produktionsmuster sicherstellen“

Biber, Wëllef, AvEx*:

Haut solls du dech entscheiden. Decidéier dech fir just 3 Spillsaachen, zum Beispill: ee Buch, en Molbuch mat Faarwen an ee Sprangseel. Den ganzen Dag beschäftegs du dech elo just mat deenen 3 Saachen. Natierlech duerfs du nach ëmmer mat dengen Geschwëster, Elteren a Frënn spillen oder ob Spillplaz goen. Du solls awer keng aner Spillsaachen vun doheim mathuelen oder benotzen. Um Enn vum Dag wäerts du gesinn, dass een och mat ganz wéineg Material kann flott spillen, an dass een net honnerten Spillsaachen brauch fir Spaass ze hunn.

AvEx*, CaraPio, RaRo:

Géi an en Second-Hand-Shop an kuck dir d`Saachen einfach un oder sich dir eppes Schéines raus. Den Second-Hand-Shop ass eng Méiglechkeet fir d`Ëmwelt an d`Ressourcen ze schounen, nach dobäi kennt dass et meeschtens vill manner (oft an Plastik) verpak ass.

***dir duerft fräi wielen wat dir probéieren wëllt**

Dag 13: Maßnahmen zum Klimaschutz – Wat iessen mir?

„Umgehend Maßnahmen zur Bekämpfung des Klimawandels und seiner Auswirkungen ergreifen“

Biber, Wëllef, AvEx:

Fir eis Ëmwelt ze schützen ass et immens wichteg lokal anzekafen; dat heescht dass Uebst, Geméis, Fleesch, Eeër,.. aus eisem eegenen Land oder den Nopeschlänner kommen. Dann huet et keen wäiten Transportwee am Camion oder souguer am Fliger gemaach, wou enorm vill CO₂ an Ëmwelt fräigesat gëtt. Haut solls du probéieren zesummen mat dengen Elteren regional anzekafen. Entweder am Cactus, oder souguer um Maart oder direkt bei engem Bauer.

CaraPio, RaRo:

Wann déi ganz Welt géif op eng vegan Diät ëmstellen, kéinten mir eis Emissiounen an dem Beräich em 70% reduzéieren. (vegetaresch: 60%). Dann kéinten déi 68% un Felder weltwäit wou fir d`Produktioun un Fleesch, Mëllech,.. benotzt ginn, geholl ginn fir den Honger ob der ganzer Welt ze stëllen. Schonn eleng d`Ersetzen vun Fleesch-Burger duerch planzlech Burger géif 250.000 Déieren retten.

Haut ass et un dir, dech ze motivéieren et fir een eenzegen Menu ze probéieren : Sich dir en vegaant Rezept an kach oder bak drop lass.

Dag 14: Leben unter Wasser – Verzicht op Plastik an rett d`Weltmierer

„Ozeane, Meere und Meeresressourcen im Sinne nachhaltiger Entwicklung erhalten und nachhaltig nutzen“

Biber, Wëllef, AvEx, CaraPio, RaRo:

Aus Léift zu alleguer den Déieren am Mier an och aus Léift zu eisem Planéit verzicht den ganzen Dag op Single-Use-Plastik; keen eenzel agepaakten Kichelchen, keen Coffe-to-go, keen Plastik-Besteck,..

Dag 15: **Leben an Land** – eng kléng Naturbotz

„Landökosysteme schützen, widerherstellen und ihre nachhaltige Nutzung fördern, Wälder nachhaltig bewirtschaften, Wüstenbildung bekämpfen, Bodendegradation beenden und umkehren und dem Verlust der biologischen Vielfalt ein Ende setzen“

Biber, Wëllef, AvEx, CaraPio, RaRo:

Haut geet et drëms eis Bëscher, Déieren an eis Natur ze schützen. Macht iech mat enger Plastikstut an Händschen op den Wee an sammelt all Dréck op deen dir sou fannt. et ass egal ob dir laanscht eng Strooss gitt, duerch den Bësch oder iwwert beléift Spadséierwee, dir wäert gesinn, leider fannt dir iwwerall eppes fir an är Tut.

Dag 16: **Frieden, Gerechtigkeit und starke Institutionen** - Wat ass Fridden?

„Friedliche und inklusive Gesellschaften für eine nachhaltige Entwicklung fördern, allen Menschen Zugang zur Justiz ermöglichen und leistungsfähige, rechenschaftspflichtige und inklusive Institutionen auf allen Ebenen aufbauen“

Biber, Wëllef, AvEx, CaraPio:

Den Fridden fänkt domadder un, aner Léit frou ze maachen. Probéier also haut een aner Mënsch glécklech ze machen. Zum Beispill: Gei bei Bomi wou eleng am Altersheem ass op Besuch, Kach fir deng Elteren well si ëmmer sou vill schaffen, Mol engem een schéint Bild, Invitéier Frënn fir eng Glace iessen ze goen,..

RaRo:

Haut geet et drëms sech ëbessen iwwert een Programm vun WOSM (World Organisation of Scout Movement) ze informéieren: MESSENGERS OF PEACE

Deen Programm passt enorm gutt bei den 16. SDG, leider kënnen ganz wéineg Léit en, lies also hei ran: <https://www.scout.org/node/32856/introduction>

PS. Driwwer informéieren heescht net direkt dass een muss matmaachen, natierlech kann en awer driwwer nodenken;)

Dag 17: **Partnerschaften zur Erreichung der Ziele** - Zesammenhalt

„Umsetzungsmittel stärken und die Globale Partnerschaft für nachhaltige Entwicklung mit neuem Leben erfüllen“

Biber, Wëllef, AvEx:

Haut geet et drëms eppes zesummen ze maachen; mat den Geschwëster spillen ouni ze streiden, mat Frënn plangen zesummen op Spillplaz ze goen, zesummen en TikTok ophuelen,..

Dobäi kanns du deenen aner iwwert deng Challenge vun den lëschten 17 Deeg erzielen.

CaraPio, RaRo:

Zesammenhalt ass dat wichtegst fir en Zil ze erreechen: Wanns du aneren vun dëser Challenge erzielt an si dozou begeeschters se eventuell selwer ze probéieren, kënnen mir als Scouten all zesummen weider kommen. Maach dofir eppes mat Frënn, Iess zesummen mat denger Famill an treff dech mat deenen aneren aus dengem Grupp. Tauscht iech net nëmmen iwwert Sustainable Development Goals aus, mee och soss iwwert alles an verbréngt en flotten Dag.

Dësen Projet gouf ausgeschafft mat Hëllef vun engem Aarbechtsdossier vum däitschen VCP, den Aufgaben um offiziellen Scouts for SDGs Site, an mengen perséinlechen Iddien an Inspiratiounen die ech soss iwwehall fonnt hunn. Weider Informatiounen zu den SDG`s fannt dir hei:

<https://sdgs.scout.org/about-sdgs> an <https://sustainabledevelopment.un.org/sdgs>